



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6034 vum 6. Abrëll 2022 vun dem éirewäerten Députéierten Här Guy Arendt iwwert "Reconnaissance de l'examen de chasse français"

Aus wéi enge konkrete Grënn entsprécht déi franséisch Juegdprüfung net méi de Standarden an de Benelux-Länner?

D'lëtzebuenger Prüfung fir de Juegdschäin ze maachen huet een héije Standard. Nieft engem Stage vun 8 Méint um Terrain a 60 Stonnen theoretescher Ausbildung, mussen d'Kandidaten eng schrëftlech, eng mëndlech an eng Schéissprüfung mat Sécherheetsparcours ofleeën. Dëst ass, bis op de Sécherheetsparcours, bei der franséischer Ausbildung net esou ginn, an entsprécht domat net den Ufuerderunge vum Juegdgesetz: "*[...] le détenteur du certificat étranger s'est soumis à des épreuves similaires à celles que comporte l'examen luxembourgeois; [...]*" (art. 60 de la loi modifiée du 25 mai 2011 relative à la chasse).

Gouf et rezent Ännerungen un den Ufuerderungen entweder bei der franséischer Prüfung oder bei der Prüfung an de Benelux-Länner?

Zu Lëtzebuerg ass et säit 2015 zu kenger Ännerung komm. Et ass nach ëmmer de "règlement grand-ducal du 7 mars 2015 concernant les conditions et modalités de l'examen d'aptitude pour la délivrance du premier permis de chasser", wat d'Ufuerderungen an den Oflaf vun der Prüfung zu Lëtzebuerg definéiert.

Wéi laang ass déi Diskrepanz tëscht dem Standard bei der franséischer Prüfung an deem an de Benelux-Länner bekannt?

No dem Akraafttriede vum groussherzogleche Règlement iwwert de Juegdexamen gouf ee Constat vun der Naturverwaltung gemeet an dem Ministère matgedeelt.

Firwat ass dës Decisioun eréischt elo geholl ginn?

Well et keng unilateral Decisioun vu Lëtzebuerg war, mee eng gemeinsam BENELUX-Decisioun huet dat Zäit an Usproch geholl, fir zu engem Konsens ze kommen. Et goufen och am Virfeld vun der BENELUX-Decisioun Gespréicher mat de franséischen Autoritéiten. Den Accord um Niveau vum BENELUX ass réischt dëst Joer zustane komm.

Wéi een Impakt wäert dës Decisioun op d'Unzuel vun de Jeeër hei am Land hunn?

Wéi vill franséisch Juegdschäiner sinn an de leschte fënnef Joer pro Joer zu Lëtzebuerg homologéiert ginn?

Ech verweisen hei op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5736 vum 10. Februar 2022.

Wier et méiglech, dass Leit, déi déi franséisch Juegdprüfung gemaach hunn, hire Juegdschäin an engem anere Land homologéiere loossen an duerno dee Schäin zu Lëtzebuerg homologéiere loossen? Wa jo, wéi gedenkt d'Madamm Ministesch dëst z'evitéieren?

Nee, dëst ass net méiglech, well net de Juegdschäin unerkannt gëtt, mee de Juegdexamen.